PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 NOV. 2019
1514

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

All Trimester ginn d'Eltere mat engem Bilan iwwert d'schoulesch Leeschtunge vun hire Kanner informéiert. Dëst Joer soll de Bilan fir d'éischte Kéier landeswäit just nach elektronesch un d'Eltere vu Kanner aus de Cyclen 2.1, 3.1 an 4.1 iwwermëttelt ginn. Am Bilansgespréich sollen d'Bilane just nach mathëllefs vun engem digitale Support op engem Ecran presentéiert ginn an no der perséinlecher Entrevue sollen d'Elteren dann eng Email mam Bilan erhalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt garantéiert, datt d'E-Maile mat de Bilane bei de richteg Leit ukommen? Wien haft, wann d'Email mam Bilan intercептéiert gëtt, oder falsch adresséiert géif ginn?

2. Gouf den DPO saiséiert, fir d'Prozedur vum Envoi vu Bilane mat perséinlechen Daten iwwert net securiséiert E-Maile z'evaluéieren? Wa jo: wéini gouf en Avis ofginn a wat war seng Konklusioun? Wann nee: Plangt de Minister nach en Avis beim DPO unzefroen?

3. D'Léierpersonal gouf ugewisen de Bilan, falls d'Elteren en Dokument aus Pabeier wënschen, just nach um Ënn vum Joer ze printen. Muss d'Personal mat Sanktioune rechnen, falls Bilane géife pro Trimester geprint ginn, well d'Elteren dëst géife froen?

4. Stëmmt et, datt den Informatiounsbréif, deen de Minister un d'Léierpersonal verdeelt huet, fir dass dës en un d'Eltere kéinte verdeelen, just a franséischer Sproch disponibel ass? Wisou gëtt et dëst Informatiounschreiwen net an alle Sproochen, an deenen och de Bilan disponibel ass (z. B. also och op däitsch, englesch, portugisesch oder serbo-kroatesch)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1514 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1+2)**

Am Kader vum Iwwergang vun der Pabeierversioun op eng reng elektronesch Versioun vun de Bilan-intermédiairen an der Lëtzebuerger Grondschoul an enger éischter Phas fir d'Schüler vum 1. Joer an de Cyclen 2, 3 a 4 huet sech d'Fro gestallt, ënner wat fir enger Form d'Dokumenter sollen un d'Elteren transferéiert ginn. No enger interner Concertatioun vu sämtleche kompetente Servicer an ënner Berücksichtegung vun alle Sécherheetsaspekter ass zeréckbehale ginn, den Elteren d'Bilanen duerch eng E-Mail zoukommen ze loossen, déi iwwert e securiséierte Server am Kader vun enger automatiséierter Prozedur verschéckt gëtt.

Op der Säit vum MENJE ginn d'E-Mailen iwwert e securiséierte Server verschéckt. Den Accès op d'Funktionalitéit vun de Bilanen ass, ewéi bei all aner Applikatioun vum MENJE, nëmmen iwwert eng staark Authentifikatioun via Luxtrust méiglech.

Am Fall, wou d'Bilane per Mail verschéckt ginn, ass et nëmmen dem Titulaire vun der Klass méiglech, den Envoi ze lancéieren. Dës automatiséiert Prozedur ass esou opgebaut, datt d'E-Mail-Adresse vun den Elteren am Kader vun der Aschreiwung vun de Schüler an d'Klass saiséiert ginn. Wann den Envoi un d'Elteren da vum Titulaire lancéiert gëtt, gëtt de betreffende Fichier vum Mail-Server vun der Gestiouns-Applikatioun vum Ministère un déi saiséiert Adresse verschéckt, nodeems de Programm nach emol beim Enseignant nogefrot huet, ob d'Mail un déi ugewisen Adresse soll verschéckt ginn. Dat geschitt ouni weideren Agrëff vum Titulaire oder soss engem Agent.

Eng manuell Saisie vu weideren E-Mail-Adressen an deem Kontext ass net méiglech, well d'Prozedur iwwer e geneeë Protokoll am Hannergrond leeft an et gëtt a kengem Fall Gebrauch vun engem private Mailprogramm vun den Enseignantë gemaach. D'E-Mail-Adresse vun den Eltere gi vun den Titulairë vun de jeeweilege Klasse saiséiert. Am obligatoresche Bilansgespréich hunn d'Enseignanten den Optrag, d'Korrektheet vun dësen Donnéeën nach emol zesumme mat den Elteren ze verifizéieren. Ech well drop hiweisen, datt d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013 iwwer persounebezunnen Date vun de Schüler ausdrécklech d'Erfaassen an d'Traitéiere vun elektroneschen Adresse mentionéiert. De Sënn an Zweck dovun ass d'Interaktioun respektiv d'Transmissioun vun Informatioune vun der Säit vun der Schoul un d'Elteren. An dësem Sënn ass vum Ministère all Precautioun geholl ginn, fir eng maximal Sécherheet unzestriewen.

**Ad 3)**

D'Léierpersonal ass dru gebonnen, sech un d'ministeriell Instruktiounen ze halen, an de Sënn vun där Mesure, d'Bilanen eréischt um Enn vum drëtten Trimester erauszedrécken ass och motivéiert. D'Nohaltegkeet vun den digitaliséierte Bilane gouf an diverse Kommunikatiounen un d'Enseignanten ënnerstrach an deemno ass d'Léierpersonal direkt e puer Mol doriwwer a Kenntnis gesat ginn, dass d'Bilanen nëmmen op explizitte Wonsch vun den Elteren hin eemol zum Schluss vum Schouljoer sollen erausgeprint ginn. Et dierft awer kaum méiglech sinn, ze kontrolléieren, ob net an eenzelne Fäll esou en Dokument op Wonsch vun den Elteren erausgedréckt gëtt.

**Ad 4)**

Vu datt d'Elteregespréich um Enn vum Trimester obligatoresch ass, hunn d'Enseignanten d'Méiglechkeet, den Elteren den Inhalt vum Informatiounsbréif de vive voix ze erklären an dëst gegebenefalls mat der Mathëllef vun engem Médiateur interculturel an der Mammesprooch vun den Elteren.